adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

n° 2755

RECU
Par Alff Christian , 14:43, 02/09/2020

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet, allgemeng gesinn, ee Mangel un Dokteren - en Ëmstand, deen sech duerch de stramme Bevëlkerungswuesstem nach verschäerfe kéint. Bis elo hunn eis Dokteren hir Studien am Ausland gemaach.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Vun all de Medezinsstudenten, déi am Ausland hir Studie gemaach hunn sinn: Wéi vill Studente sinn erëm zréck op Lëtzebuerg komm, fir hei als Medezinner ze schaffen? Kann d'Madamm Gesondheetsministesch eng Opléschtung maachen, wéi vill Medezinner genee an der Vergaangenheet an deenen eenzele Joren zeréckkomm sinn, opgeschlësselt op déi leschte 20 Joer?
2. Vun all de Medezinsstudenten, déi an de leschten 20 Joer als fäerdeg Dokteren op Lëtzebuerg zeréck komm sinn, fir hei ze schaffen: Kann d'Madamm Ministesch opléschten, a wat fir enger medezinescher Fachrichtung déi eenzel Doktere schaffen?
3. Gëtt et eng Opléschtung, wéi vill Lëtzebuerger Medezinner insgesamt no hirem Studium net méi zeréck op Lëtzebuerg komm sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 12:20, 12/10/2020

Luxembourg, le 12 octobre 2020

**Réf. :** 831x15537

**Concerne**: Question parlementaire n° 2755 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2755 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Démographie médicale".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2755 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Démographie médicale".**

Genee Zuelen iwwert Medezinstudenten, déi no hirem Studium am Ausland op Lëtzebuerg zréckkomm sinn, huet de Gesondheetsministère net. De Gesondheetsministère gëtt net doriwwer informéiert wéivill Jonker mat engem Medezinstudium ufänken.

De Gesondheetsministère gëtt eréischt saiséiert, wann ee Medeziner eng “autorisation d’exercer” ufreet. Dëst geschitt eréischt nodeems de Studium ofgeschloss ass an den Diplom unerkannt konnt ginn. Aus dëse Grënn ka vum Gesondheetsministère weder analyséiert ginn, wéivill Medezinstudenten aus dem Ausland no hirem Studium zréck op Lëtzebuerg komm sinn, nach wéivill nett zréckkomm sinn.

137-000010-20040525-FR